

zfl

Zesumme
fir Leideleng



DEMOKRATESCH
PARTEI

Koplescht-Briddel

Referendum Walbezierk Zentrum Leideleng & Koplescht

Pressekonferenz, 22.12.2018


Aktuell Situatioun

- Verfassung definéiert 4 Walbezierker no Kanton
- Walbezierker bestinn aus 2 bis 5 Kantonen
- Zesummesetzung vu Kantonen ass net an der Verfassung festgehalten



Aktuell Situatioun

- Walbezierk Zentrum: Kantone Lëtzebuerg & Miersch
 - Walbezierk Süden: Kantonen Esch-Uelzecht (mat Leideleng) & Capellen (mat Koplescht)
- Fir de Walbezierk ze wiesselen misst deemno de Kanton gewiesselt ginn



Aktuell Situatioun

- 63% vun de Kopleschter Leit hu fir e Bezierkswiessel gestëmmt
- Informell Ëmfro de 14. Oktober 2018 an der Gemeng Leideleng:
 - 127 Participanten
 - Fro 1: Fillt dir iech éischer vu Politiker aus dem Süden oder aus dem Zentrum representéiert?
Süden: 29,1 % Zentrum: 58,3% Eenheetleche Bezierk: 12,6 %
 - Fro 2: Kéint dir iech virstellen d'Initiativ vun engem Referendum mat der Fro „Wëllt dir datt d'Gemeng Leideleng an de Walbezierk Zentrum kënnt?“ ze ënnerstëtzen?
Jo: 77,2% Nee: 22,8%

Firwat et wichteg ass, datt eng Gemeng dem passende Bezierk ugehéiert

- Andeelung vum Land a Walbezierker soll sécherstellen, datt all Region an der Chamber vertrueden ass
- Deputéiert sinn an der Reegel an „hirem“ Walbezierk ënnerwee
- Wéi sollen d'Leit mat de Politiker aus „hirem“ Walbezierk an d'Gespréich kommen, wann hire Liewensmëttelpunkt gréisstendeels net an deem Walbezierk ass?
- Deputéiert setzen sech oft fir regional a lokal Sujeten aus hirer Region an
- Wéi sollen Deputéiert sech fir eng Gemeng asetzen, wann se déi spezifesch Problemer aus där Gemeng net kennen?

Grënn firwat d'Gemeng Leideleng éischer zum Zentrum, wéi zum Süden gehéiert

- Unhand vu folgende Beräicher wäert dëst illustréiert ginn:
 - Aarbecht
 - Mobilitéit
 - Infrastruktur
 - Syndikater
 - Police

Aarbecht

- Ronn 550 Leidelenger Leit schaffen an der Stad Lëtzebuerg, wat iwwer 50% vun de Leidelenger Salariée sinn
- Rechent een déi Leit dobäi, déi an den Zentrums-Gemenge Bartreng, Stroossen an Hesper schaffen, gött dee Pourcentage nach méi grouss
- Nëmmen eng Minoritéit vun de Leidelenger Leit schafft deemno am Süden

Aarbecht – Iwwer 50% vun de Leidelenger Salariéen schaffen an der Stad Lëtzebuerg



Mobilitéit

- Schoulbus Gemeng Leideleng – Geesseknäppchen (206)
- Kee Schoulbus op Esch
- AVL-Busreseau geet bis op Leideleng
- Net Member am TICE
- Leideleng gëtt 2019 un de Vel'ohs-Reseau ugeschloss

Mobilitéit – Bus- an Zuchlinnen an der Gemeng Leideleng




→ D'Gemeng Leideleng a punkto öffentlichen Transport wesentlich besser un den Zentrum wéi un de Süden ugeschloss

Infrastruktur

- Grouss Infrastrukturprojeten déi d'Regierung zu a ronderëm d'Gemeng Leideleng plangt fokusséieren sech staark op d'Stad Lëtzebuerg
 - Extensioun vum Tram op Leideleng aus Richtung Cloche d'Or / Porte de Hollerich
 - Reamenagement vum Zéissenger Kräiz
 - Bau vum Boulevard de Cessange / Boulevard de Merl


→ All dës Projeten wäerten e staarken Impakt op d'Verkéiserssituatioun an der Gemeng Leideleng hunn

Infrastruktur – Extensioun vum Tram op Leideleng




Source: Geoportail.lu

Infrastruktur – Reamenagement vun der Croix de Cessange



Source: Geoportail.lu

Infrastruktur – Bau vum Boulevard de Cessange / Merl



Source: Geoportail.lu

Syndikater

- D'Gemeng Leideleng ass Member an enger ganzer Rei Syndikater, wouvun der zwee eng staark Relatioun mam Zentrum hunn:
 - DICI
 - SIDERO
- Folgend Syndikater hunn dogéint eng staark Relatioun mam Süden:
 - An der Schwemm (Beetebuerg)
 - Minett-Kompost
 - SES (Syndicat des eaux du Sud)
- All déi aner Syndikater an deenen d'Gemeng Leideleng Member ass, loossen sech net engem vun deenen zwee Bezierker zouuerdnen

Syndikater - DICI

- DICI Sud-Ouest soll d'Kooperatioun téscht de Südwest-Randgemenge vun der Stad verbessern
- DICI setzt sech aus folgende Gemengen zesammen:
 - Stad Lëtzebuerg
 - **Leideleng**
 - Bartreng
 - Stroossen
 - Hesper

→ Leidelenger Schäfferot huet 2018 refuséiert fir Member am Gemengesyndikat ProSud ze ginn

Syndikater - DICI

- Positiv Auswierkunge vum DICI op d'Gemeng Leideleng
 - Afféierung vum Vel'oh zu Leideleng 2019
 - Besser Vernetzung vun den DICIs-Gemengen duerch Vëlos-Weeër
 - DICIs-Bus-Linn 226

Syndikater – SIDERO (Ofwaasser)

- Leideleng ass déi eenzeg Gemeng aus dem Kanton Esch déi Member am SIDERO ass
- De SIDERO huet säi Sätz zu Miersch
- All d'Ofwaasser aus der Gemeng Leideleng leeft an **d'Kläranlag Beggen**
- 2017 huet d'Gemeng Leideleng 307.000 € missen investéiere fir de Betrib an den Ausbau vun der Kläranlag Beggen

Police

- Zënter kuerzem gehéiert d'Gemeng Leideleng zum Commissariat Porte de l'Ouest an net méi zum Commissariat Porte du Sud
- Commissariat Porte de l'Ouest
 - **Leideleng**
 - **Koplescht**
 - Stroossen
 - Bartreng
 - Dippech

Referendum Gemeng Leideleng – Nächst Démarchen

- Am nächste Gemengerot (Februar 2019): Motioun fir e lokale Referendum ze organiséieren
- Fro vum Referendum: « *Souhaitez-vous que la Commune de Leudelage soit rattachée à la circonscription électorale du Centre ?* »
- Am Fall wou keng Majoritéit am Gemengerot fir e Referendum wier: Kollekt vun Ënnerschrëften (1/4 vun alle Leidelenger Walberechttegten; ± 380 Leit)
- Ugepeilten Datum fir de Referendum: 26. Mee 2019 (zäitgläich mat den Europawahlen)

→ Déi Leidelenger Leit sollen d'Wuert kréien a soe kënnen wéi ee Walbezierk hinnen léiwer wier

Referendum Koplescht – Aktuelle Stand

- Referendum vum 8. Oktober 2017: **63%** vun de Wieler aus der Gemeng Koplescht hu fir e Bezierkswiessel gestëmmt
- November 2017: Inneminister Kersch betount, datt d'Diskussioun iwwert e Bezierkswiessel net virun de Walen ofgeschloss kéint ginn
- September 2018: Inneminister Kersch äntwert op eng Question parlementaire, datt e Wiessel vum Kanton an och e Bezierkswiessel juristesch méiglech, awer politesch delikat sinn
- Lokal Referenden si just consultativ
 - Chamber ass net forcéiert sech mat deem Thema ze beschäftegen
 - Dem Resultat muss vun engem legale Point de vue deemno net Rechnung gedroe ginn

Opruff un aner Gemengen

- Eng Rei weider Gemenge sinn am selwechte Fall wéi Leideleng a Koplescht (z.B. Mamer, Kielen etc.)
- Mir ruffen all dës Gemengen op, och e lokale Referendum zum Thema Bezierkswiessel ze organiséieren
- Net nëmme Schäffen- a Gemengeréit kënnen d'Initiativ vun engem lokale Referendum huelen, mee och engagéiert Bierger

Merci!

